ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 13. Mäerz 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un d'Madamm Minister fir d'Groussregioun weiderzeleeden.

An enger Froestonn an der Chamber huet ee Minister an engem Niewesaz duerchblécke gelooss, datt Lëtzebuerg eenzel Infrastrukturprojete an der Grenzregioun géif finanziell ënnerstëtzte, resp. begleeden.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Finanzminister an un d'Madamm Minister fir d'Groussregioun:

1. No wat fir engem Prinzip ënnerstëtzt Lëtzebuerg eenzel Infrastrukturprojete an der Grenzregioun?
2. Wat fir eng Projete goufen an de leschten 10 Joer ënnerstëtzt a wéi gesäit hei dee finanzielle Beitrag aus?
3. Goufen zu all dësen eenzele Projeten och Bedingungen ausgehandelt a wa jo, wéi gesinn dës aus?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique